

Lëtzebuerg, de 30 Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, weiderzeleeden:

« De Mëttwoch den Owend koum et am Prisong zu Schraasseg zu enger brutaler Attack vu Prisonéier op 6 Giischercher. Et wieren och Morddreeungen géint d'Gardienen an och géint d'Personal aus dem Prisong ausgeschwat ginn. Gewalt a verbal Attacken stinn an engem Prisong oft un der Dagesuerdnung. Allgemeng géif een säitens vum Personal awer mierken, dass iwwert déi leschte Wochen a Méint souwuel déi kierperlech wéi och déi verbal Attacken a Menacen enorm zouhuelen.

Déi héich Prisongspopulation war iwwer déi lescht Joer ëmmer erëm e Sujet. Zudeem versteet sech, dass do wou vill Prisonéier openeen kommen, d'Konfliktpotential erhéicht ass, an d'Belaaschtung op béide Säiten zouhëlt.

D'Giischercher' hätten och nëmme limitéiert Moyenen sech ze verdeedegen. Beispillsweis wier d'Immobilisatioun vun engem Prisonéier an och den Ekipement fir sech am Noutfall oder bei enger Revolt ze schützen streng reglementéiert. Oft géif et och virkomme, dass Membere vum Personal net informéiert ginn, wa Menacen géint si oder Membere vun hirer Famill géifen ausgeschwat ginn.

An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministesch an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- Wat war den Ausléiser vun den Attacken op d'Giischercher am Prisong Schraasseg de Mëttwoch 29. Juni 2022?*
- Wéi vill Incidenten gouf et an de leschte 5 Joer an de Lëtzebuenger Prisongen déi d'Sécherheet vun de Prisonéier oder dem Personal gefäerdet hunn?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07


dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Gëtt d'Prisongspersonal ëmmer iwwert Menace vis-à-vis vun hinnen oder Membere vun hirer Famill informéiert?*
- *Falls nee, wisou net?*
- *Wat gëtt de ,Giischercher' am Fall vun enger seriöer Menace géint si oder géint Membere vun hirer Famill geroden ze ënnerhuelen?*
- *Wat fir Moyenen stinn de ,Giischercher' zur Verfügung fir sech am Fall vun enger kierperlecher Attack ze wieren?*
- *Wisou gëtt d'Immobilisatioun am Prisong anescht gehandhaabt wéi bei Interventiounen baussent dem Prisong?*
- *Ginn Ënnerscheeder gemaach wéi männlech oder weiblech ,Giischercher' op gewalttätig Situatiounen am Alldag virbereet ginn? »*

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY
Deputéierten



Max HAHN
Deputéierten